

Differdange, le 17 mars 2020

“Wann een just no der Sécherheet kuckt an d’Fräiheeten opgëtt, riskéiert een schlussendlech déi zwee ze verléieren.”

De Staat huet d’Flicht ze garantéieren datt d’Rechter vu senge Bierger wouer geholl an geschützt ginn. D’Erfëllung vun där Missioun férdert d’Zesummeliewen an den Respekt vun dem Eenzelen. De Prinzip gëllt an villen Fäll an am besonneschen wann et em Gewalt oder aner Strofdoten geet.

Fir där Missioun nozekommen kënnt een net ëmmer laanscht Sécherheitsmesuren ze huelen, déi verschidden Rechter aschränken. D’CCDH stellt iech hei en Gutachten fir wou et em de Gebrauch vun Kameraen geet déi et elo schonn op verschidden Platzen gëtt. Mer sinn zur Konklusioun komm, dass d’Presenz vu Kameraen net automatesch wëll heeschen datt et eng Violatioun vun de Mënscherechter gëtt. Allerdéngs ginn et do Grenzen an d’Sécherheet dierf ni mëssbraucht ginn fir egal wat fir eng Mesuren, ënnert egal wei engen Konditiounen ze huelen. D’Videosurveillance ass och net en Allheelmëttel: mer wieren eis géingt di Idee dass een doduerch alles géing an den Greff kréien. Et soll een Instrument ënnert anerer sinn. An et soll een ni vergiessen, dass Delinquenz an Kriminalitéit villschichtig Ursachen hunn: do muss een och Strategien hunn fir d’Problemer bei der Wuerzel ze paken. Eisen Wunsch un d’Politik ass dass se sech soll der Komplexitéit vun dem Phänomen bewusst sinn.

Ech well hei kloer betounen: wann een just no der Sécherheet kuckt an d’Fräiheeten opgëtt, riskéiert een schlussendlech déi zwee ze verléieren.

Et muss dofir ëmmer eng Balance agehale ginn tëscht der Sécherheet op där enger Säit, an de Mënscherechter op där anerer. Em déi Balance geet et eis an dësem Avis: d’Kameraiwwerwaachung muss e kloren gesetzlechen Kader hunn, néideg sinn fir e legitimt Zill ze erreechen, a se muss proportionell sinn. Mer sinn der Meenung dass an dësem Gesetzesprojet Opmierksamkeit war fir des Balance och ze respektéieren.

Diir fannt an dësem Gutachten vill Recommandatiounen déi och fir d’Zukunft gëllen an mer wieren frou wann d’politesch Autoriteiten an eis Chamber déi géingen wouergeholl.

Gilbert Pregno (President vun der Mënschenrechtskommissioun)

g.pregno@pt.lu